N°69
Entrée le 03.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 69 vum 29. November 2023 vun den honorabelen Deputéierten Alexandra Schoos a Jeff Engelen.**

1. **Kann d'Regierung elaboréieren, ewéi eng Autorisatiounen op Staats- an/oder Gemengenniveau nach ausstinn a wéi eng Ëmstänn zu dëser laangwiereger Prozedur gefouert hunn ?**

Op Staatsniveau muss eng Verlängerung vun der Commodo-Incommodo-Geneemegung fir d'Exploitatioun ugefrot ginn. Des Weideren muss en neie Commodo-Incommodo-Dossier fir d'Terrassementsaarbechte vum Gebai "Les Sources" agereecht ginn.

Op Gemengenniveau stinn aktuell d'Baugeneemegunge betreffend d'Renovatiounsaarbechte vum Thermalbad an dem Neibau vum Gebai "Les Sources" nach aus. Op Nofro gouf eis matgedeelt dass d'Baugeneemegunge kurzfristeg erdeelt gin.

D'Geneemegunge fir d'Renovatiounsaarbechten an dem Neibau vum Gebai „Les Sources" goufen den 8. Februar 2017 respektiv 9. August 2019 vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten bei der Gemeng Munneref ugefrot.

Am Juni 2021 gouf vu Säite vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten eng Aktualiséierung vun den uewe genannte Baugeneemegungen agereecht op Basis vun aktualiséierten Pläng.

2. **Kann d'Regierung elaboréieren, ewéi eng juristesch Probleemer par rapport zu wéi engen Institutiounen am Bezuch op de Parking aktuell nach um Dësch leien a wéi eng Propose vun de Responsabele bis ewell gemaach goufen fir dës méiglechst séier ze léisen ?**

Vu staatlecher Sait ginn et keng juristesch Problemer a Bezuch op de Parking.

Am Kader vum Gesetzesprojet betreffend d'Renovatioun vum Thermalbad, deen den 24. Abrëll 2020 gestemmt gouf, si keng zousätzlech Parkplaze virgesinn.

Well d'Gemeng Munneref am Kader vum Renovatiounsprojet laut gültegem Bautenreglement fir d'Erdeele vun der Baugeneemegung zousätzlech Parkplaze freet, ass virgesinn eng global an detailléiert Etude vun de Flux'en um Site ze maachen. Déi Etude ass liéiert un eng urbanistesch Analyse vum Entwécklungspotential vum Site, fir engersäits kënnen ze bestëmme wéi vill Parkplazen an Zukunft fir dee ganze Site noutwendeg sinn an anerersäits déi beschte Plaz fir d'Parkingszonen ze definéieren.

Fir net mussen op d’ Resultat vun der genannter Etude ze waarden, huet d’Verwaltung fir ëffentlech Bauten der Munnerefer Gemeng eng Propositioun fir e provisoresche Parking ënnerbreet, déi et erlaben sollt d’Baugeneemegung ze accordéieren, an domat de Projet vun der Renovatioun vum Thermalbad ze deblockéieren.

3. **D’Initiativ fir kee Mataarbechter wëllen ze entloossen ass natierlech ze begréissen. Kann d’Regierung an deem Zesummenhang allerdéngs matdeelen, ob a wéi eng aarbechtsrechtlech Méiglechkeete géife bestoen, fir d’Personal vum Thermalbad am Kader vun der ëffentlecher Finanzéierung vum Projet bei vollem Lounausgläich am Roulement ze halen? Kann d’Regierung dozou gegeebenefalls eng Käschten-Notze-Rechnung presentéieren déi weist, ewéi eng zousätzlech Laaschten der ëffentlecher Hand duerch esou eng Moossnam géifen entstoen an a wéi wäit d’Baukäschten sech op där anerer Säit géife réduzéiere loossen ?**

Een Renovatiounsprojet bei lafendem Betrib ass komplizéiert mee néideg an bedeit dass op Basis vun der Evolutioun vum Chantier eenzel Aktivitéitsberäicher vum Domaine Thermal Mondorf temporär Aboussen am Emsaatz wäerten hunn. Duerch Moosnamen am Beräich vun den Personalkäschten (Planung an Ersatz fir Ofgäng an Pensiounen), der Weiderbildung beim Personal an duerch Realiséierung vun Aspuermoosnahmen wäerten d’Käschten während der selwechter Zäit sou wäit wéi méiglech reduzéiert ginn. Wann den detailléierten Phasage vum Chantier bekannt ass wäert eng méi präzis Berechnung kennen erstallt ginn.

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2024

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes